

Ref. : FLMP-2016-065

## Newsletter 1 / 2016

März 2016

### Assurance globale FLMP

Insgesamt 32 Veräiner hu sech intresséiert fir eventuell bei der „Assurance globale FLMP“ matzemaachen. Den Här Lang vu „Vanbreda & Lang“ wäert sech an nächster Zäit mat deene Veräiner a Verbindung setzen fir mat hinnen hiren aktuelle Stand mat der neier Propose ze vergläichen. Well dëse Projet nëmme ka funktionéieren wann esou vill wéi méiglech Veräiner matmaachen, wäere mir frou, wann och déi, déi sech bis elo nach net offiziell gemellt hunn, dëst géifen am FLMP-Sekretariat maachen.

### Infostand vun der FLMP an der Belle Etoile

Mir hunn dëst Joer déi grouss Chance fir kënnen eis Federatioun an eis Veräiner **an der Belle Etoile** ze presentéieren, an zwar **vum 05. bis 16. Abrëll 2016**. Well d'Federatioun dëse Stand net ka permanent selwer besetzen, hu mir de Veräiner proposéiert, fir vu méindes bis donneschdes sech selwer kënnen op dësem Stand virstellen. Dës Plazen sinn elo all besat. Wann awer Leit intresséiert sinn, fir bei der Lëtzebuerger Wandersportfederatioun mat derbäi ze sinn, kënnen déi sech am FLMP-Sekretariat mellen.

### Journée Nationale de la Marche Guidée

Fir den 18. Juni 2016 ass déi 1. Journée Nationale de la Marche Guidée ugesot. En Opruff ass un d'Veräiner gemaach ginn, fir dësen Dag an hirer Uertschaft eng geféiert Wanderung ze organiséieren, dëst vläicht esouguer ënnert engem bestëmmte Motto. En etlech Veräiner hunn och schonns zougesot fir esou eng Organisatioun. **Wann awer elo nach Veräiner do sinn, déi och bei dësem Dag wëlle matmaachen, sollen se sech bis de 25. März 2016 mellen beim Responsabel vun de Geféierte Wanderungen, der Madamm Chantal Klein, GSM: 621 178 805 oder Email: [mweis@tango.lu](mailto:mweis@tango.lu)**

Fir dësen Dag hu mir och e Publireportage am Lëtzebuerger Wort ugefrot, deen de 14. Juni soll publizéiert ginn. Mir bidden all d'Veräiner, déi bei der 1. Journée Nationale vun der Geféierter Wanderung matmaachen, ze versichen, eng Annonce ze fannen fir dëse Publireportage. All Veräin, deen eng Annonce gesammelt huet, kritt och d'Ristourne vum Lëtzebuerger Wort ze gutt geschriwwen. Präisser an de „bon de commande“ kritt der am FLMP-Sekretariat.

Fir all Geféiert Wanderung vum 18. Juni 2016 muss e Flyer gemaach ginn. D'Genehmigungsnummer fir dëse Flyer kritt dir och bei der Madamm Chantal Klein. D'FLMP wäert dann och nach zousätzlech e globale Flyer maachen, wou all d'Organisatiounen vun dësem Dag opgezielt sinn.

### Geoportail

Am November 2015 hu mer schonns zwou Seancen ugebueden, fir de Geoportail a säi Funktionnement ze presentéieren. All Veräin huet och schonns e Login zougeschéckt kritt a vill Veräiner hunn och elo ugefaangen, hir Strecke mat dësem Programm ze presentéieren.

Fir dëst Joer wäerte mir och nach eng Kéier e puer dëser Formatiounen ubidden a wëllen hunn, datt ab dem Joer 2017, all d'Streckepläng mussen an dësem Format un d'FLMP-Sekretariat agereecht ginn. Sollt dat net de Fall sinn, zeechent d'Sekretariat dës Pläng nei an dem Veräin gëtt eng Rechnung dofir ausgestallt.

Folgend Faarwe si festgehale ginn fir d'Pläng ze zeechen: orange fir déi kleng Streck, blo fir déi méttel Streck a rout fir déi grouss Streck. Fir Weider gréisser Strecken gëtt alles mat schwaarz op der Kaart agedroen.

Op all eenzel Streck soll och jeweils d'Richtung ugewise ginn, d'Kontrolle sollen net op der Kaart agezeechent sinn.

Fir datt mir d'Strecke kënnen och am Geoportail publizéieren, sollen d'Veräiner ëmmer de Link vun all Kaart un d'FLMP-Sekretariat schécken. Dës Verlinkungen ginn och op eiser Internetsite publizéiert.

## **Nei Polo'en**

Op Wonsch vu ville Wanderer huet d'Lëtzebuerger Wandersportfederatioun bei sengem Sponsor „Freelander's“ en neie Polo bestallt. Fir datt mir och an Zukunft kënnen mat enger flotter an eenheetlecher Tenue optrieden, souwuel bei der Europiade zu Kitzbühel wéi bei der IVV-Olympiade d'nächst Joer zu Koblenz, kënnen all Wanderer, déi sech dës Polo wëlle beschafen, dës **ab dem 18. Mäerz 2016 am Freelander's Outdoor & Adventure an der Belle Etoile umoossen a bestellen**. Et gi Modelle fir Dammen an de Gréissten 34-48 an och fir Hären an de Gréissten S - XXXL proposéiert. **De Verkafspräis fir lizenséiert Wanderer ass 30.- €, d'Differenz zum Uschafungspräis gëtt vun der FLMP iwwerholl. Net-lizenséiert Wanderer bezuele 35.- €.**

Den Delais fir d'Wanderer, déi dës Polo wëllen hunn fir d'Europiade zu Kitzbühel ass **den 23. Abrëll 2016**. No dësem Datum kann d'Liwierung virun der Europiade net méi garantéiert ginn.

## **Kalenner 2017**

De Kalenner 2017 ass um leschte Kongress presentéiert a gestëmmt ginn. D'Veräiner hunn elo nach **bis den 1. Juni 2016** Zäit fir nach eventuell Modifikatiounen anzereeche. Veräiner, déi nach wëllen eng „Geführte Tageswanderung“ an de Kalenner setzen, sollen dës och bis zu dësem Datum areeche. Mir soen iech am viraus e grouse Merci, datt dir dës Datum respektéiert.

Well mir och fir d'Joer 2017 erëm un engem **Marathoncup** plangen, siche mir nach e puer Veräiner, déi sech dofir intresséieren. Mir stinn iech fir weider Informatiounen gären zur Verfügung.

## **Ausschreiwungen - Voranzeigen**

Verschiede Veräiner maachen eng länger Zäit virun hirer Wanderung schonns e provisoresche Flyer mat enger sougenannter „Vorankündigung“. Mir weisen d'Veräiner drop hin, datt och hefir muss eng Genehmigungsnummer bei der Madamm Pierrette Linden ugefrot ginn. Mir erënneren och nach eng Kéier drun, datt all d'Genehmigungsnummere fir d'Flyere vun den IVV-Wanderungen exklusiv bei der Madamm Linden musse ugefrot ginn. D'FLMP-Sekretariat ass net fir dës Nummere zoustänneg.

## **Start- a Stempelbüro op eisen IVV-Wanderungen**

Fir all intresséierte Wanderer a ganz besonnesch fir déi individuell Wanderer huet d'FLMP e Flyer ausgeschafft, wou déi genee Prozedur fir d'Stempelhefter erkläert gëtt. Mir bidden d'Veräiner, dës Flyeren um Startbüro bereet ze leeën, a se ganz besonnesch un déi nei an individuell Wanderer ze verdeelen.

Fir de Start an de Stempelbüro nach besser erkenntlech ze maachen, wäert d'FLMP an Zukunft de Veräiner zwee Roll-Upen oder Calicoten zur Verfügung stellen, wou kloer an däitlech déi zwee Büros ze erkenne sinn.

## **Wandelsport Flandern**

De flämesche Verband „Wandelsport Flandern“ huet bei der FLMP e Modell vun eiser Lizenz gefrot. Wanderer, déi elo am flammäneschen Deel wandere ginn an hir Lizenz presentéieren, kënnen elo op verschide Plazen d'Reduktioun kréien grad esou fir all déi belsch Wanderer mat hire Memberskaarten.

**Mir soen iech elo schonns e grouse Merci, datt dir all är Memberen iwwert dës Newsletter informéiert, dëst am Kader vun eiser Aktioun „Kommunikatioun am Veräin“.**